eis satiresch Äentwert:

vum Valpolicella

Léiwe Brunello „Was sich liebt das neckt sich!“

Ech wollt der schon déi läschte Kéier schreiwen, ma ech hat keng Zäit, déi üblech Excusen! Du kenns dat!

Ma haut huelen ech mer Zäit fir dech an versichen op dat anzegoen wat's du esou an Erfahrung bruet hues an fläit gelengt et mer jo dech ze berouegen, wëll du schengs mer zimmlech opgereegt. Du wees jo, de roude Vino dréift de Bluttdrock an d'Luut. Pass op däi Bols op !

Ech mengen irgendwou gelies ze hunn, dass bei deene Lénken awer rotéiert gëtt. Net direkt a net zu 100 % ma awer irgendwann am Fréijoer. Wann ech dat richteg an Errennerung hunn wier et dann um Serge, engem aaneren mat Buart, deen iwer 50 Joer politesch aktiv wuar an dovun 21 Joer als Gemengerot (hihi). An dann um Patrizia (mat Z, hat huet zwar kee Buart ma Hoher op der Zong) (hihi). Hat réckelt no wann d'Myriam Deputéierte gëtt an an d'Chamber kennt. Dann hunn se jo rotéiert. Fraepower ass bei deene Lénken ugesot!

Am Iwrejen ass de Rotatiounsprinzip keen Dogma an et gëtt och Ausnahmen, kuck zu Esch, do maachen se och nëmmen eng hallef Dréiung. Wees de, all aaner Parteien hun de Prinzip iwwerhapt net a munchereen-t bleiwt e puer Joerzingten op sengem Posten. Also ass dat schon zimmlech eenzegarteg a couragéiert wat déi Lénk machen.

Bei iech ass dem Georges säin Réckzuch jo keng Rotatioun ma éischter eng Kapitulatioun wann ech dat gleewe soll wat's du schreiws. Ech duecht, de Georges hätt endlech agesinn, dass een net zwee Hären dingen kann an hien dofir dem Simone, och enger staarker Powerfra, de Posten iwwerlooss hätt. Wëll bei iech gëtt et jo virun allem Powermänner, dir hat jo mol net Paritéit op ären Wallëschten.

Prost! Op d'Fraen, wéi heescht et esou schéin „La femme est l'avenir de l'homme ! »

Ah jo, du hues dech doriwwer beklot, dass déi Lénk als eenzeg Partei näischt gesot hunn, zum Georges sengem Réckzuch! Ma ech mengen dass dat awer zimmlech logesch ass. Du kenns jo déi „gelle Regel“ aus der Moralphilosophie: „Wann's de näischt Guddes iwwert een ze soen hues, dann so och näischt“.

Ech fannen, dass déi Lénk dat ganz richteg gemach hunn. Si si nämlech „schwäiroosen“ iwwert de Georges. Hien ass de Leit aus der ganzer Gemeng an de Réck gefall, (soss fält en de Léit just an d'Wuert a vernennt se Ligener) wéi hien kuurz virun de läschte Chamberswalen, d'Handduch geheit huet a net adequat reagéiert huet wéi an der Chamber d'Gesetz zum Bau vum Contournement vu Käerjeng ofgestëmmt ginn ass,

1. huet hien de Sitzungssall an der Chamber verloos an huet net dergéint gestëmmt an

2. huet hien no de Gemengewalen an der Gemengerotssitzung ugekennegt hien ging net a Recours goen, dat heescht jo dann hien ging näischt méi machen fir de Contournement ze verhënneren!

An déier Beispiller ginn et der nach. Ech kann déi Lénk ganz gutt verstoen. Besser et hält en dann de Mond!

Bon déi Contournements-story ass jo nach net giess. Do bleiwt et spannend bis zum Schluss ! Do steht jo nach en zweete Vott am Gemengerot aus.

Prost! Komm mir huelen nach e leschte Patt! Du wees jo, zevill Wäin mecht d'Zong labber an de Verstand e bessi dréif. Wéi ass dat da bei iech an der LSAP? Wéi hat der déi läschte Kéier geschriwwen: Neuer Wein in alten Schläuchen oder junger Wein in alten Fässern!

Maach der elo kee Kapp wéint de wéinege Fraen déi bei iech sinn. Dir hutt do e puer interessant jonk Kärelen. Och dee neien, deen esouguer reimen kann an och géint de Contournement ass. An et ass jo net deen eenzegen bei iech!

Allez Prost et gëtt nach Hoffnung!

Merci nach emol fir dat flott Gespréich!

Bleiw gesond a monter!